LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Protection
des consommateurs

Dossier suivi par : Nadia Djebbar
Tél.: 247-73726
Mail: nadia.djebbar@mpc.etat.lu

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
02 AOUT 2019

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
L-2450 bd. F.-D. Roosevelt

Luxembourg, le 1er août 2019

Objet: Question parlementaire n° 846 « Paiements électroniques » du 1er juillet 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de Monsieur le Ministre des Finances, de Madame la Ministre de l'Intérieur et de la soussignée à la question parlementaire n° 846 du 1er juillet 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant les « Paiements électroniques ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma haute considération.

Paulette Lenert
Ministre de la Protection des consommateurs

Äntwert vun der Madame Paulette Lenert, Konsumenteschutzministesch, vum Här Pierre Gramegna, Finanzminister, a vun der Madame Taina Bofferding, Inneministesch, op d'parlamentaresch Fro N° 846 "Paiements électroniques" vum 01.07.2019 vum Députéierten Marc Goergen

---

Den honorabelen Deputéierten huet eng Serie Froe betreffend den alternative Bezuelmethoden.

Ad Punkt 1:

Laut enger vun der Europäescher Zentralbank am November 2017 publizéierter Etüd („Occasional Paper Series: The use of cash by households in the euro area"), ginn zu Lëtzebuerg tëscht 63% an 68% vun den Transaktiounen a Butteker („points of sale") mat Boergeld bezuelt.

Ad Punkt 2:

D'Gesetz vum 10. November 2009 iwwert d'Services de Paiement ass de gesetzleche Kader fir d'Uwennung vun elektronesche Bezuelinstrumenten zu Lëtzebuerg. Dës Gesetzgebung déi, ënner anerem, d'Exekutioun vu Paiementsopératioune reegelt, baséiert op enger europäescher Direktiv a gesäit keng spezifesch Limitte fir elektronesch Bezuelungen oder Bezuelung mat Boergeld fir.

Ad Punkten 3 a 4:

Et ass am Sënn vum Konsument a vun der nationaler Ekonomie dass sech weiderhin innovativ Bezuelmethoden entwéckelen, esou dass jiddwereen déi fir hie beschte Bezuelmethod kann notzen.

Et gi keng konkret Pläng fir an deier Hisiicht iwwert déi europäesch Reglementatioun eraus ze goen, a méi streng a präzis Oplagen ze definéieren. Dëst gelt och fir d'Bezuele mat Boergeld.

Ad Punkt 5:

D'Modalitéite vum Parkraum ënnerleien, wéi den Deputéierte selwer richteg seet, der Kompetenz vun de Gemengen, dat heescht der Gemengenautonomie. Et steet hinne fräi, am Fall vun der Installatioun vu neie Parkaueren, automatesch Keesen oder aner elektronesch Bezuelmethoden ze benotzen.